LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, dem Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus an dem Här Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 3045 vum 16. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

**1. Wéi vill Firme sinn opgrond vu Steierscholden oder Scholde bei der CCSS duerch de Staat an d'Faillite gedriwwe ginn, opgeléscht pro Joer zënter 2020?**

Virop ass et wichteg kloerzestellen, dass d'Verwaltunge keng Gesellschaft an d'Faillite „dreiwen".

Am Tableau hei ënnendrënner ass opgeléscht no Joer d'Unzuel u Betriber, déi duerch de *Centre commun de la sécurité sociale* (CCSS) en faillite assignéiert goufen:

| Joer | Unzuel u Betriber déi *en faillite* assignéiert goufen |
|---|---|
| **2020** | 97 |
| **2021** | 236 |
| **2022** | 279 |
| **2023** | 291 |
| **2024** | 324 |

Fir d'Enregistrementsverwaltung (A*dministration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA*) präsentéiert sech d'Situatioun fir d'Joren 2020 bis 2024 follgendermoossen:

| Joer | Unzuel u Betriber déi *en faillite* assignéiert goufen |
|---|---|
| **2020** | 329 |
| **2021** | 458 |
| **2022** | 307 |
| **2023** | 137 |
| **2024** | 75 |

Den Tableau heidrënner weist fir d'Period 2020 bis 2024 d'Unzuel un Assignatiounen „en faillite", déi vun der Steierverwaltung (*Administration des contributions directes*) initiéiert goufen:

| Joer | Unzuel u Betriber déi *en faillite* assignéiert goufen |
|---|---|
| **2020** | 806 |
| **2021** | 506 |
| **2022** | 349 |
| **2023** | 292 |
| **2024** | 368 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Et ass och ze ënnersträichen datt all Steierzueler iwwert den Extrait de Compte, d'Contrainte an de Commandement, deen zougestallt gëtt genau iwwer seng Situatioun Bescheed weess an also eng etlech Geleeënheeten huet fir sech ze regulariséieren.

Weider sief op d'Ausféierungen an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3244 vum 3. Dezember 2020 verwisen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025

D'Ministesch fir Gesondheet

a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez